



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 19 février 2024

Madame la Ministre déléguée auprès du
Premier ministre, chargée des Relations
avec le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L - 2338 Luxembourg

Concerne : pétition n° 2888

Madame la Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la prise de position du MENJE par rapport à la pétition n° 2888.

Veuillez agréer, Madame la Ministre, l'expression de ma parfaite considération.



Claude Meisch

Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Stellungnam vum MENJE zu der Petitioun Nr. 2888

Legislativen a réglementaire Kader

Um Niveau vum Enseignement fondamental gëtt d'Schoulorganisatioun duerch *d'Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* gereegelt. Den Artikel 38 vum genannte Gesetz seet:

« [...] Un règlement grand-ducal fixe la date de la rentrée des classes et la date de la fin des classes ainsi que les vacances et congés scolaires. »

Änlech gesät et och beim Enseignement secondaire aus. Dëse gëtt duerch *d'Loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées* gereegelt. Am Artikel 10 vum genannte Gesetz heescht et:

« Les dates des vacances scolaires, la date de la rentrée des classes et la date de la fin des cours sont fixées par règlement grand-ducal. »

De *Règlement grand-ducal modifié du 31 juillet 1980 fixant le régime des vacances et congés scolaires* hält esouwuel d'Schouljoer, wéi och d'Dauer vun den Trimesteren an de Schoulvakanzten tëscht den Trimestere fest:

*« Art. 1^{er}. L'année scolaire commence le 15 septembre et finit le 15 juillet.
Art. 2. Le premier trimestre finit avant Noël et est suivi de deux semaines de vacances. Le deuxième trimestre finit avant Pâques et est suivi de deux semaines de vacances. Le troisième trimestre prend fin conformément aux dispositions de l'article 1^{er} du présent règlement.*

Art.3. Une semaine de congé divise chacun des trois trimestres en deux périodes ayant approximativement la même durée. Ces congés se situent vers la Toussaint, le Carnaval et la Pentecôte. »

Wéi am Artikel 7 vum *Règlement grand-ducal modifié du 31 juillet 1980* festgehalen, ginn déi detailliéiert Schoulkallenneren dräi Joer am Viraus festgeluecht. An dësem Zesummenhang stinn aktuell d'Kallenner bis d'Schouljoer 2025/26 fest.

Et sief hei drop higewisen, datt den Artikel 6 vum uewe genannte *Règlement grand-ducal d'Méglechkeet* virgesäit, ee « *régime spécial des vacances et congés scolaires pour les cours professionnels concomitants à l'apprentissage* » an « *un régime spécial des vacances et congés scolaires pour certains établissements scolaires, notamment pour ceux qui organisent des stages à l'intention de leurs élèves* » festzehalen.

Pertinenz vun der Reform, op déi sech d'Petitioun bezitt

Bei de Beweeggrënn vun der Petitioun bezitt sech de Petitionär op énnerschiddlech Argumenter.

Esou seet de Petitionär, datt 8 Woche Summervakanz ze laang wieren, well d'Kanner och hei weider a Betreuungsstrukture musse goen an entsprielchend net kennen ofschalten, well hir Elteren net esou vill Congé hu respektiv net all d'Elteren zum nämmlechten Zäitpunkt kënne Congé huelen.

Par contre proposéiert de Petitionär net, d'Unzuel u Schoulvakanz als Ganzes ze kierzen, mee proposéiert nämmen eng Ëmverdeelung vun de Wochen. No dëser Logik hunn d'Eltere weiderhin net genuch Congésdeeg, fir datt d'Kanner kënnen doheem vun hinnen encadréiert ginn. Esou wieren déi meesch Eltere weiderhin drop ugewisen, hiert Kand während op mannst engem Deel vun de Schoulvakanz an eng Betreuungsstruktur ze ginn.

Weiderhi seet de Petitionär, datt d'Kanner op Grond vun der laanger Summervakanz hire schoolesche Rhythmus verléieren an duerch eventuell Sproochebarrièren net déi néideg Ënnerstëtzung doheem kréien. Dës Ausso widdersprécht deem uewe genannten Argument, datt d'Kanner während de Schoulvakanz an eng Betreuungsstruktur müssen, well d'Elteren net genuch Congé hunn. Suivéiert een nämlech dat éischt Argument, da ginn d'Kanner och an der laanger Summervakanz vill a Betreuungsstrukturen, während hir Eltere schaffe ginn, a behalen deemno en änleche Rhythmus wéi dee vun der Schoul. Och d'Argument vun der Sproochebarrière gräift deemno net.

Op där anerer Säit kritiséiert de Petitionär d'Aktivitéiten, déi vun de Services d'éducation et d'accueil (SEA) ugebuued ginn. Et ass mir hei op en Neits wichteg ze betounen, datt déi non-formal Bildung (Maison-relaisen, Foyer-scolaires, Mini-Crèchen an Dageselteren) eng wesentlech Roll an der Entwécklung vum Kand a sengen Erfollegschancé spillt. Si komplettéiert déi formal Bildung an der Schoul. Si erméiglecht et dem Kand, an enger entspannter Atmosphär déi wichtigst Kompetenzen ze entwéckelen: Sprooch, Motorik, sozial Relatiounen, Kreativitéit, technesch Fäegkeeten an eng aktiv Participatioun.

An deene leschte Joren huet sech déi non-formal Bildung zu Lëtzebuerg staark entwéckelt a moderniséiert. Dobäi stoungen d'Kanner èmmer am Mëttelpunkt. Fir d'Zukunft vun all Kand, an domat vun der nächster Generatioun, virzebereeden, huet de Staat am September 2016 en Dispositif agefouert, deen d'pedagogesch Qualitéit garantéiere soll an dee fir all Bildungs- a Betreuungsstrukturen, Minicrèchen an Dageseltere gëllt, déi Prestatairé vum Chèque-service-accueil-System (CSA) sinn. Hei ginn déi allgemeng Zilsetzungen a pedagogesch Prinzipie beschriwwen, déi am Intérêt vun de Kanner èmgesat musse ginn. De Referenzkader gëtt och eng Hëllef beim Plange vu pedagogeschen Aktivitéiten. Am Mëttelpunkt vun de Beméiunge stinn d'Selbstännegkeet, d'fräiwöllegt Matmaachen, d'Léieren duerch de Grupp ronderëm d'Bild vun engem „kompetente Kand“. Zénterhier schwätze mir vu Bildung an net just vu Betreuung.

Bildung heescht hei net Unterrecht, mee datt d'Kand duerch d'Mise en place vun engem diversifizierte Ëmfeld stimuléiert gëtt. D'Entwécklung vum Kand senger Perséinlechkeet geléngt duerch Erfarungen, Beobachtungen an duerch d'Auserneesetze mat neiem Wëssen. D'Erfarungen, déi d'Kand mat anere Kanner mécht, hëlfen ihm, sech an engem Grupp ze orientéieren, anerer ze verstoen oder ze léieren, wéi ee Problemer léist.

De Petitionär behapt, datt eng Schoulvakanz vun enger Woch et de Kanner net erlaabt, genuch ofzeschalten. Allerdéngs gëtt net ersichtlech, ob eng Reform vum Kalenner vun de Schoulvakanz et erlabe géing, effikass géint d'Middegkeet vun de Schüler virzegoen. Et ass schwierig ze evaluéieren, ob eng Verlängerung vun der Allerhellegevakanz op zwou Wochen ee positiven Effekt op d'Léieren an d'Wuelbefanne vun de Schüler hätt, virun allem well dës Vakanz e puer Wochen no der laanger Summervakanz stattfënnt. Gläichzäiteg sinn d'Kanner grad an der Allerhellegen- a Fuesvakanz op Grond vun de meteorologesche Konditiounen zu Lëtzebuerg gezwongen, de Gros vun der Zäit dobannen ze verbréngen. Deemno schwätzt och d'Meteo éischter dofir, fir de Kanner méi Zäit fir hir Aktivitéiten am Summer ze ginn.

D'Modifikatioun vum éischten Artikel vum *Règlement grand-ducal modifié du 31 juillet 1980*, déi de Petitionär viséiert, betréfft eng Upassung vun der Dauer vun der Summervakanz. Allerdéngs gëtt heibäi net präziséiert, ob sech dës Modifikatioun op de 15. Juli, de 15. September oder déi zwee Datume bezitt.

Gefrore Modifikatioune vum *Règlement grand-ducal modifié du 31 juillet 1980*

D'Petitioun Nr. 2888 verlaangt eng Upassung vun den Dispositiounen aus den Artikelen 1 an 3 vum *Règlement grand-ducal modifié du 31 juillet 1980*. Heibäi steet virun allem d'Dauer vun de Schoulvakanz am Mëttelpunkt, déi am Artikel 3 vum genannte Règlement grand-ducal festgehale sinn. De Petitionär mécht an dësem Zesummenhang d'Demande, d'Vakanze vun enger op zwou Wochen ze verlängerer. Déi eenzeg Ausnam, déi de Petitionär mécht ass d'Päischtvakanz.

Dës Exceptioune, déi net weider begrënnt gëtt, widderprécht der Argumentatioun vum Petitionär, laut däer d'Kanner eng Vakanze vun (mindestens) zwou Woche bräichtchen, fir richteg kënnen ofzeschalten. Grad zum Enn vum Schouljoer dierften d'Schüler jo awer am middste sinn a wieren, der Argumentatioun vum Petitionär no, am meeschten op eng verlängert Schoulvakanz vun zwou Wochen ugewisen, fir richteg kënnen ofzeschalten.

Ausserdeem muss hei betount ginn, datt e Reamenagement vum Schoulkallenner an dëser Form dozou géing féieren, datt dat 3. Trimester méi laang wier wéi dat zweet Trimester, wat d'Middegkeet vun de Kanner nach géing verstäerken. Gläichzäiteg ass dat bessert Wieder èm d'Päischtvakanz méi gënschteg fir Fräizäitaktivitéiten, wat erëm zu enger besserer Erhuelung vun de Schüler bäidréit. Deemno wier et ubruecht, sech Gedanken iwwert de Sënn vun der Ausnam fir d'Päischtvakanz, an deemno iwwert d'Reform am grousse Ganzen, ze maachen.

Déi gefroten Upassungen um *Règlement grand-ducal modifié du 31 juillet 1980* géingen och zu enger Reform vun de Schoulkallenner vun de Schoulen am Enseignement secondaire féieren, déi a Semester organiséiert sinn. An dësem Fall géing eng Modifikatioun vun der Allerhellegen- an der Fuesvakanz dozou féieren, datt am éischte Semester zwou *périodes de repos* vun zwou Woche wieren, während d'Dauer vun der *périodes de repos* am zweete Semester énnerschiddlech laang wieren.

Op däer anerer Sät géing d'Verlängerung vun der Fuesvakanz, wéi se duerch déi viséiert Reform géing entstoen, dozou féieren, datt d'Unterrechtszäit am zweeten Trimester gekierzt gëtt an de pedagogesche Contenu entspreechend op dat éischt an drëtt Trimester misst èmverdeelt ginn.

Den traditionelle Schoulkallenner

De Schoulkallenner, wéi en unhand vun den Dispositiounen am *Règlement grand-ducal modifié du 31 juillet 1980* organiséiert gëtt, uschléissend "traditionell" genannt, huet d'Organisatioun vum Familljeliewen esouwéi den Aarbechtsrhythmus vun der Famill an der Schoulcommunautéit geformt.

D'Summervakanz erméiglecht de Familljen, sech ze ameséieren, sech ze erhuelen an ze reesen (énnert anerem länger Reesen). D'Kanner kënne verstäerkt u kulturellen a sportlechen Aktivitéiten deelhuefen (Festivalen, Kolonien, etc.), e Stage maachen (Sproochecourses asw.), sech fir ee Volontariat oder e Summerjob engagéieren. Gläichzäiteg kënnen sech d'Elteren organiséieren, fir eventuell Zäit fir sech selwer ze fannen, wann d'Kanner beschäftegt sinn. D'Summerméint si gekennzeichnet duerch en Héichpunkt un touristeschen Énnerhuelungen an enger héijer Participatioun u betreiten Aktivitéiten, déi zur Entwécklung an Entfalung vun de Kanner baidroen. Doriwwer eraus brauche vill Schüler déi fräi Zäit am Summer, fir den Unterrecht ze widderhuefen, sech op dat neit Schouljoer virzebereeden oder een Noexamen ze préparéieren.

Et ass ausserdeem wichteg ze betounen, datt d'Summervakanz weder den Ufank nach d'Enn vun den Aarbechte markéieren, déi fir ee gudde Fonctionnement vun der Schoul relevant sinn. D'Zäit téscht dem 15. Juli an dem 15. September gétt námlech genotzt, fir déi vill administrativ Aufgaben ze erleedegen (Gestioun vun den zentrale Fichieren, Planifikatioun vun den Horairë vun de Klassen, Planifikatioun vun den Enseignanten hiren Aufgaben asw.) esou ewéi fir d'Virbereedung vum Unterrecht a fir Maintenance-Aarbechten, déi ausserhalb vun der Unterrechtszäit an de Congés collectifs musse gemaach ginn.

Eng Verkierzung vun der Summervakanz hätt deemno och als Repercussioun, datt engersäits d'Zäit fir Erhuelung, Familljenaktivitéiten an d'Widderhuele vum Cours an anerersäits d'Zäit fir administrativ a Maintenance-Aarbechte gekierzt géing ginn. Eng Summervakanz op eng méi kuerz Dauer géing sech ausserdeem op d'Touristesaison an der domat verbonnener Präisdeierecht auswierken. D'Mataarbechter aus der Schoulcommunautéit, virun allem dat administratiivt Personal, hätt doduerch am Summer vill manner Congé. Ausserdeem hätt eng Verlängerung vum Schouljoer am Juli de Risiko, datt méi Schüler froen, fir virzäiteg an d'Vakanz ze goen.

Eng Reform vum Schoulkallenner wier och manner op den Aarbechtsrhythmus vun den Elteren an de Regime vun de Congéen aus dem Privatsecteur ofgestëmmt (deen an der Reegel méi Vakanz am Summer virgesäit). Doduerch kéint déi gefrote Reform zu Schwieregkeete bei der Organisatioun vum Familljeliewen, virun allem bei der Sich no qualitativ héichwäertegen Aktivitéite fir d'Kanner während den neie Vakanzen, féieren. Des Problematik gétt duerch de Fait, datt d'Allerhellegen- an d'Fuesvakanz an déi Méint falen, an deenen d'Wieder am allgemenge méi schlecht ass (wouduerch manner Aktivitéiten dobausse méiglech sinn) an duerch déi eventuell Schwieregkeeten, déi d'Elteren hunn, fir an dëse Méint Congé ze kréien, nach verschäerft. Grad am Hierscht hätt dat zur Folleg, datt de Bedarf u Kannerbetreuung méiglecherweis méi héich wier. Wéi d'Héichpunkte vun den touristeschen Aktivitéiten námlech beweisen, huele vill Famillje léiwer am Summer wéi am Hierscht Congé.

Émsetzbarkeet vun enger Reform vun de Schoulvakanz, d'Päischtvakanz inclus

Eng hypoheetesch Upassung vun de Schoulvakanz, inklusiv der Päischtvakanz, géif zu enger Reduzéierung vun der Unterrechtszäit féieren, et sief dann, d'Summervakanz géif ém dräi Woche gekierzt ginn. Heiduerch géing sech déi uewe beschriwwen Problematik verschäerfen.

Doriwwer eraus beseet den Artikel 4 vun der *Loi du 20 juillet 2023 relative à l'obligation scolaire* :

« Tout mineur âgé de quatre ans révolus avant le 1er septembre et ayant sa résidence habituelle au Grand-Duché de Luxembourg est soumis à l'obligation scolaire. »

En eventuell Verréckele vum Schoulfank virun den 1. September hätt deemno eng Auswirkung op d'Unzuel vu Kanner, déi am Ufank vum Schouljoer schouflichteg sinn. Déi gefrote Reform géing deemno och eng Ännérung vun der *loi du 20 juillet 2023 relative à l'obligation scolaire* noutwendeg maachen.

Weider néideg Adaptatiounen

Déi vum Petitionär gefrote Reform hätt eng komplex Émsetzung zur Folleg, déi eng Rei vun Upassunge fir ee gudde Fonctionnement vun der Schoul misst mat sech bréngen (Organisatioun vun den

Ofschlossexamen am Secondaire^{1,2}, d'Promotioun an d'Orientatioun vun de Schüler^{3,4,5}, Organisatioun vu Stagen⁶, Bezuellung vum Personnel remplaçant^{7,8}, Upassung vun der ausserschoulescher Offer an den Ënnerstetzungsmesuren etc.) an de Mesurë fir d'Betreiung vu Mannerjärege wärend de Schoulvakanzen (Upassung vun der ausserschoulescher Offer vu Stagen, Upassung vun de kulturellen a sportlechen Agendaen, déi op de Kalenner vun de Schoulvakanze baséieren, Accès op d'Crèchen, Previsioun vun de budgetäre Besoinen etc.).

Zousätzlech hätt déi gefrote Reform eng Multitude un Implikatiounen um Niveau vun der Organisatioun vum Familljeliewen an um Niveau vum Encadrement vu Mannerjärege wärend den neie *périodes de repos*.

Op Basis vun de genannte Punkten ass et dofir net méiglech, fir der Petitoun Nr. 2888 eng favorabel Suite ze ginn.

¹ Règlement grand-ducal modifié du 31 juillet 2006 portant organisation de l'examen de fin d'études secondaires « classiques », notamment den Artikel 15.

² Règlement grand-ducal modifié du 31 juillet 2006 portant organisation de l'examen de fin d'études secondaires « générales », notamment den Artikel 15.

³ Règlement grand-ducal du 3 octobre 1997 portant organisation de la formation préparatoire au certificat d'initiation technique et professionnelle (CITP), notamment den Artikel 18.

⁴ Loi modifiée du 19 juin 2009 portant organisation de l'enseignement supérieur
– fixant les modalités du cycle d'études d'enseignement supérieur aboutissant à la délivrance du brevet de technicien supérieur;
– modifiant la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue ;
– fixant les modalités d'implantation de formations d'enseignement supérieur ou de création de filiales ou d'établissements privés ou publics sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg ;
– abrogeant la loi du 14 août 1976 déterminant les conditions de création d'établissements privés d'enseignement supérieur, notamment den Artikel 7.

⁵ Règlement grand-ducal du 6 juillet 2009 déterminant les modalités d'évaluation des élèves ainsi que le contenu du dossier d'évaluation, notamment den Artikel 12

⁶ Loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale et modifiant 1) la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques b) la création d'un Centre de Gestion Informatique de l'Éducation c) l'institution d'un Conseil scientifique, 2) la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques, 3) la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental, 4) la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental, 5) la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance, 6) la loi du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers, 7) la loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'Etat, 8) le Code de la sécurité sociale, et abrogeant la loi modifiée du 21 mai 1999 concernant la fonction de candidat dans les carrières enseignantes de l'enseignement post primaire, notamment den Artikel 35.

⁷ Règlement grand-ducal du 17 décembre 2010 portant nouvelle fixation 1) de l'indemnité de remplacement due aux détenteurs de l'attestation habilitant à faire des remplacements engagés sur base des dispositions de l'article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental; 2) de l'indemnité due pour leçons supplémentaires assurées par les chargés de cours de la réserve de suppléants de l'enseignement fondamental respectivement par les détenteurs de l'attestation habilitant à faire des remplacements engagés sur base de l'article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental, notamment den 1. Artikel.

⁸ Règlement grand-ducal du 17 décembre 2010 portant nouvelle fixation 1) de l'indemnité de remplacement due aux détenteurs de l'attestation habilitant à faire des remplacements engagés sur base des dispositions de l'article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental; 2) de l'indemnité due pour leçons supplémentaires assurées par les chargés de cours de la réserve de suppléants de l'enseignement fondamental respectivement par les détenteurs de l'attestation habilitant à faire des remplacements engagés sur base de l'article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental.